PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Op de Landstroosse besteht ëmmer de Risiko, dass et zu engem Zesummestouss tëschent Wëlldéieren a Gefierer kënnt. D'Stroosse féieren duerch d'Habitater vun den Déieren an deemno ass et ubruecht op esou Strecken méi virsiichteg ze fueren andeems ee manner op de Gas dréckt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Zesummestéiss goufen et an deene vergaangenen 5 Joer, opgelëscht no Mount, tëschent Wëlldéieren a Stroossegefierer? Wéi vill goufen der Police gemellt a wéi vill goufe bei Assurancë gemellt?

2. Wéi eng Déierenaart ass am meeschten an Accidenter mat verwéckelt?

3. Zu wéi enger Joreszäit besteht, statistesch gesinn, den héchste Risiko fir ee Wëlldéier unzestoussen? (Aaneschters gefrot: Wéi eng Méint sinn déi meeschten Accidenter ze verzeechnen?)

4. Op wéi enge Plaatzen am Land besteht, statistesch gesinn, den héchste Risiko fir ee Wëlldéier unzestoussen?

5. Kann d'Ministesch ausschléissen, dass beim an nom Ofhale vu Klappjuegden d'Unzuel un Accidenter rondërem d'Juegdlous méi héich ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député